



Kéisecker Info n°7/03

Summerfest 2003 vum Mouvement Ecologique

Sonndes, den 13. Juli am Naturpark Uewersauer (a nët wi ursprüngelech ugekënnegt den 11. Juli)

Et ass mëttlerweil zur Traditioun ginn, datt de Mouvement Ecologique virun der grousser Vakanz e Summerfest organiséiert an am Wanter e Cabarets-Owend.

Et ass elo erem esou wäit: Dir sidd als Member ganz häerzlech agelueden ob eist Fest de Sonnden, den 13. Juli.

De Naturpark Uewersauer feiert elo 15 Joer. E Grond, fir des Region ze besichen. Emmerhin, an datt dierf mat allem Houfert gesot ginn, waren de Mouvement Ecologique an d'Stëftung Öko-Fonds massgeblech dru bedeelegt, datt et de Naturpark haut gët.

De Programm vum Fest ass folgenden:

Fir jiddferen, dien "just" wëllt mat lesse goen: Rendez-Vous ab 19.00 zu Eschduerf (Plang hei derbäi).

Mer verbréngen zesummen am fräien e gemittlechen Owend (wann et reent, ass dat ganzt ënner Daach).

Um Menu, zesummegeallt vun der Metzlerie Véih vum Séi, sti virun allem regional Produiten aus dem Naturpark Uewersauer:

- Geméisdipp (5 Sorten)
- Haam am Deech, Cruditéiten / Zalot
- Tuart

De Präiss ass: 17 Euro

Mir géingen lech bieden, lech fir den Dag an och fir d'lessen unzemellen bis Donneschdes, den 10. Juli 10.00 um Tel 439030-1 oder Fax. 43903043.

Natierlech wäerte Fahrgemeinschaften a Busnavetten vum Pafendall aus organiséiert ginn. Si gi festgeluet opgrond dovunner, vu wou d'Leit kommen.

De Plang fir d'lessen vum Summerfest 19.00:

Am Moment gët nach virun der Gemeng zu Eschduerf geschafft, beschte Wee ass:

- * Aus Richtung Grosbous (Hierheck): direkt wann en an Eschduerf kënnit lénks ("Räiterwee"), an da nach eng Kéier lénks
- * Aus allen anere Richtungen: beim Hotel Braas a Richtung Hierheck, dann direkt lénks



**Weider
Aktivitéiten
fir den Dag
ob der
Récksäit!**



Summerfest vum Mouvement Ecologique - Wanderungen, Treppeltier...



Wien vum Sonnde wëll profitéieren, kann Mëttes och u Veranstaltungen deelhuefen, di speziell fir d'Memberen organiséiert ginn. Natierlech sidd Dir hei och wëllkomm, wann Dir nët mat Owes iesse gidd.

Visite vun der renovéierter Duchfabrik zu Esch-Sauer um 14.00

Di al Duchfabrik ass komplett an d'Rei gesat ginn: eng Visite lount sech ob alle Fall. Am Kader vun enger Féierung (1 Stonn) kéieren mer d'Anlag, hier Geschicht, d'Bedeutung fir d'Regioun ... gewisen. *Treffpunkt: Duchfabrik.*

Visite um neie Parcours zu Esch-Sauer zum Thema "Geheimnisvolles Esch-Sauer" um 16.30

Mat engem Audio-Guide entdecke mir déi gespensteg Welt ronderem Esch-Sauer, mat der Buergruine aus dem Joer 927, de Soen a Legenden, déi vu Generatioun zu Generatioun weidererzielt gouwen.

Des interaktivt Klangerleiwnis erméiglecht Iech, an déi spannend Vergangeneet a Géigewaart vun dësem klengen Stiedtchen anzedauchen a gläichzäiteg déi natierlech Sehenswürdigkeeten, ewéi z.B. Lochkapelle, Réngmuer, d'Fielsentrapp, de Buerggaart, asw, kennen ze léieren. De Rondwee mat séngen 21 Etappen dauert ongeféier 2 Stonnen. *Treffpunkt: Duchfabrik*

Geféiert Wanderung vum Skulpturewee um 15.00

De Skulpturewee bei Lëltz ass quasi eemoleg a besonnech attraktiv. Di Verantwortlech beschriewen de Wee wi folgt: *"Die Steine in Bilsdorf und Lultzhausen sind ein sinnliches Erleben, bei dem der Obersauerstausee eine hervorragende Kulisse bietet, man fühlt, fasst, erfindet, legt hinein, setzt sich hinein, hinzu, dazwischen. Die künstlerische Gestaltung, das gute Gesamtkonzept der Symposien, sowie die Auswahl der Standorte haben jedes Werk zu einem Ort des Verweilens und Empfindens gemacht. Allein der Spaziergang ist ein Erlebnis, der vielfältigen, geschwungenen Landschaft wegen. Die Steine haben ihren Dialog mit der besonderen Umgebung gefunden."* **Am Kader vun enger geféierter Wanderung wäert eis dësen interessante Skulpturewee nobruet ginn.** *Treffpunkt: Parking op der Haptstrooss zu Lëltz.*



Visite vum Kräidergaard zu Wanseler um 17.15

Zënter 1992 ginn am Naturpark Heel- a Gewierzkreider ugebaut. Zousätzlech awer ass e besonnech attraktive Kräidergaard ugeluet ginn, dien e flotte Iwwerbléck iwwert Kräider an Heelplanze gët. Während enger Visite guidée gi mer an hier Geheimnisser agefouert. *Treffpunkt: Entrée vum Kräidergaard.*

**Och fir des Wanderungen géinge mer Iech bidden Iech unzemellen,
bis Donneschdes, den 10. Juli um 16.00. Tel. 439030-1, Fax. 439030-43**

**Weider Informatiounen, wann Dir aner interessant Aktivitéiten am Naturpark wëllt kenne léieren,
fannt Dir ob der homepage www.naturpark.lu.**

